



Luxembourg, le 8 juin 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire n° 4190 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fred Keup.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4190 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Aktuell sinn 1.487 Schüler an enger Lëtzebuenger internationaler Grondschoul ageschriwwen. Si verdeelen sech folgendermoossen op déi ënnerschiddlech Schoulen:

Lëtzebuenger international Grondschoul	Schülerunzuel
École internationale de Differdange et Esch-sur-Alzette	531
École internationale de Junglinster	291
École internationale de Mondorf-les-Bains	125
École internationale Edward Steichen	118
International School Michel Lucius	422
TOTAL	1.487

Vun dese 1.487 Schüler hunn zum aktuellen Zäitpunkt 166 hire Wunnsätz am Ausland. Am Mäerz 2021, wéi d'Recherchen fir d'parlamentaresch Fro Nr. 3797 gemaach goufen, waren et dräi Schüler manner. Dësen Ënnerscheid erkläert sech duerch eng nei Inscriptioun an enger Lëtzebuenger international Grondschoul an duerch de Wiessel vum Wunnsätz vun zwee Schüler.

Dës 166 Schüler verdeelen sech folgendermoossen op déi ënnerschiddlech Schoulen:

Lëtzebuenger international Grondschoul	Schülerunzuel mat Wunnsätz am Ausland
École internationale de Differdange et Esch-sur-Alzette	91
École internationale de Junglinster	39
École internationale de Mondorf-les-Bains	19
École internationale Edward Steichen	8
International School Michel Lucius	9
TOTAL	166

Ad 2)

Bei den internationale Schoulen ass et d'Direktioun vun der Schoul, déi d'Décisioun hëllt. Dobäi gi verschidden Aspekter berücksichtegt, wéi zum Beispill d'Zuel vun den disponibele Plazen an deenen ënnerschiddleche Sproochesektiounen, oder och de Fait ob schonn e Brudder oder eng Schwëster aus deem selwechten Elterrenhaus an der Schoul ageschriwwen ass.